



desaffer duerch déi Gripp, déi och bei jonke gesonde Kanner geschitt sinn. Ech hunn am Verglach an de Vereenegte Staten e President, deen den Noutstand ausrifft, a wou d'Leit op de Barrikade stinn, well de Vaccin net schnell genuch erbäikënn. Ech hunn an Norwegen eng Situatioun, wou d'Regierung ëmmer méi ënner Beschoss kënn, well de Vaccin net schnell genuch erbäikënn.

Dofir soen ech als Konkusioun dozou: Jiddwereen, deen interesséiert ass, fir zousätzlech Informatiounen ze kréien, an deen net dat gleeft, wat d'Regierung déi ganzen Zäit gesot huet, dass de Risiko vergläichbar ass wéi beim Vaccin bei der saisonaler Gripp, dee fënnt iwwerall Siten. An all Zeitung, an all Medium fënnt en dat, wat haut am „Tageblatt“ zum Beispill a ganz llicht verständlecher Form ze liese war, wat déi Niewewierkunge sinn. Dat sinn déi normal Niewewierkungen, déi Der hutt.

Bon, mir wäerten elo bei deene Vaccinatiounen, déi zu honnertausende gemaach ginn, mat Fakten och kënnen operéieren, wou ee genee ka beleen, dass dat richtig ass, wat déi offiziell Stelle gesot hunn, dass e Reschtrisiko do ass.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, dee Reschtrisiko, dee bleift. Dee kann derzou féieren, dass et bei deenen engen oder anere Vaccinéierten zu Komplikatiounen, och ganz selten zu schwéiere Komplikat-ioune ka kommen. Dat ass ze llicht vis-à-vis vun deem aneren Deel, deen an der Wo läit, dass 5.000 a méi Doudesaffer sinn, an an deene leschten Deeg ganz jonk Leit, och ganz no bei eis.

Dofir, wann ech gelift, kommt, mir sinn eis konsequent! Kommt, mir halen op, d'Leit dobausse geckeg ze maachen, a mir probéiere jiddefalls kloer Positioun ze huelen!

Ech hätt gär, dass déi, déi all déi Froe stellen, kloer no bausse soen: Mir si fir oder mir si géint déi Vaccinatioun. D'Regierung huet kloer Faarf bekannt. Si ass fir déi Vaccinatioun, a si huet alles zur Verfügung gestallt, fir dass mer de Leit Satisfaktioun kënne ginn, wa glécklecherweis déi Gripp glimpflech verleeft, mä dass mer awer och déi richtig Äntwerte kënne ginn, wann déi Gripp explodéiert. Dat ass d'Missioun vun enger Regierung. A wann dat zu Kritik Ulass gëtt, déi Kritik huelen ech ganz gär op mech.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Sou, domadder ass dese Punkt ofgeschloss.

(**Interruption**)

Neen, Här Huss. Ech mengen, mir sinn hei an enger Prozedur. Mir hunn hei zwou urgent Froe gehat. Déi konnte gestallt ginn an déi sinn elo beäntwert ginn. Domadder ass de Punkt ofgeschloss.

► **M. Jean Huss (déi gréng).**- Oh, neen! Dat do war fir... Ech sinn hei attackéiert ginn.

► **M. le Président.**- Mir kommen elo zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 5929.

► **M. Jean Huss (déi gréng).**- Dat hei hu mer awer gären.

► **M. le Président.**- Dat ass en Traité iwwert den Droit des marques. Ech géif lech och proposéieren, datt mer dese Pro-

jet plus den 5930 an dee Projet nach duerno géifen zesummen hei virgestallt kréie vum Rapporteur Marc Angel. Mir géifen dann och d'Diskussioun zesumme maachen. Herno maache mer bien entendu e separate Vote iwwer all Projet. Dann huet also elo de Rapporteur, den Här Angel, d'Wuert zu deenen dräi Projeten.

**9. 5928 - Projet de loi portant approbation du Traité de Singapour sur le droit des marques, fait à Singapour, le 28 mars 2006, ainsi que de son règlement d'exécution prévu à son article 22**

**5929 - Projet de loi portant approbation du Traité sur le droit des marques, fait à Genève, le 27 octobre 1994, ainsi que de son règlement d'exécution prévu à son article 17**

**5930 - Projet de loi portant approbation de l'Acte de Genève de l'Arrangement de La Haye concernant l'enregistrement international des dessins et modèles industriels, adopté à Genève, le 2 juillet 1999, ainsi que de son règlement d'exécution prévu à son article 24**

**Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Jo, Här President, Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee éischt Projeten hunn ech an engem Rapport zesumme gemaach. Ech wäert se jo och hei mëndlech zesumme bréngen. Et geet an deenen zwee iwwer en Traité iwwert d'Droits des marques an och déi Exekutiounsreglementer, déi drunhänken.

Deen éischten ass vu `94. En ass zu Genève ënnerschiww ginn. Dat nennen ech den Traité vu Genève. An dat anert ass den Traité vu Singapour, dee vum Joer 2006 ass an zu Singapur ënnerschiww ginn ass.

Bei deenen zwee Projete befanne mer eis am Domän vun der Propriété intellectuelle. Dese ganzen Domän gëtt vun enger spezialiséierter Ënnerorganisatioun vun de Vereenten Natioune geregelt, an dat ass d'OMPI, d'Organisation mondiale de la Propriété intellectuelle.

D'Protektioun vun de Marken ass niewent dem Schutz vun de Brevets d'invention an dem Schutz vun den Dessins et modèles - vun deem drëtte Projet, deen ech herno ganz kuerz erläutieren - e ganz wichtige Volet vum Droit de la propriété intellectuelle.

Firwat ass dat esou wichtig, fir Marken ze schützen? Well se e wichtigen Deel si vun der globaler Valeur vun enger Entreprise a se stellen och e sougenannten Actif incorporel duer, deem seng Valeur oft méi grouss ass wéi aner Aktivae vun enger Entreprise. Also hunn d'Entrepreneuren all Intérêt, hir Marken ze schützen. An d'Protektioun vun de Marken ass och wichtig an där ganzer Lutte géint d'Contrefaçon, also d'Fälschung vu Produkter.

Zu Lëtzebuerg ass et de Wirtschaftsministère, deen zoustänneg ass fir d'Propriété intellectuelle. Mir haten dese Projet awer an der aussepolitesser Kommissioun, well et en Traité ass. Ech wollt nach deenen Här vum Wirtschaftsministère, déi an der Kommissioun bei eis waren, Merci soen. Ech fannen et och interessant, datt de Wirtschaftsministère all Joer an der Chambre de Commerce eng Journée de la Propriété intellectuelle organiséiert, wou se mat den Acteure vum Terrain zesummekommen an iwwert desen Thema diskutéieren.

Här President, et gëtt verschidde Systemer, wéi een eng Marke ka schützen. Et gëtt e Volet Benelux. Dat kënn Der alles noliessen am schrëftleche Rapport; ech wëll elo net do weider drop agoen. Et gëtt och an der Europäescher Unioun d'OHMI, den Office de l'Harmonisation dans le Marché intérieur, deen en charge ass fir de communautaire System vum Schutz vun de Marken, wou een um ganzen Territoire vun der EU kann eng Marke schützen.

Dat ganz Enregistrement vu Marquë geet an d'19. Jorhonnert zréck. Eng Convention de Paris vun 1883, 1891 den Arrangement de Madrid. Do ass awer 100 Joer net vill geschitt, well nëmme 50 Länner ratifizéiert hunn. An do ass gesot ginn: Mir mussen en neie System fannen. Dat war de Protokoll vu Madrid, dee geduecht war, fir d'Matière ze vereinfachen.

Et ass awer net zu där d'Harmoniséierung komm vun den interne Rechter vun de Staten, déi ratifizéiert haten, well nach all Land seng eege Prozeduren hat. Dofir kënn dee Projet vu `94, deen Traité vu Genève, deen haaptsächlech d'Harmoniséierung vun de Prozeduren am Viséier huet. Dat ass och den Objet vun deem Projet de loi, dee mer haut duerchhuelen.

Desen Traité vu Genève vereinfacht den Dépôt vun enger Marke. Den Artikel 3 définéiert zum Beispill, wat vun engem Déposant ka verlaangt ginn. Den Artikel 9 formuléiert d'Obligatioun, fir d'Produiten a Servicier ze klassifizéieren. Et gëtt 45 Klassen. Et ass och vereinfacht ginn, dass, wann e Produit an e puer Klasse fält, een dann nëmmen eng Demande muss maachen.

Deen Traité ass vu `94 an dee behandelt awer nëmme Marken, déi visibel sinn. Also, déi ganz Hologramm-Marken a sonore Marken an olfactif Marquë falen net drënner. Dofir gouf 2006 deen neien Traité vu Singapur gemaach, fir och déi net visibel Marken dranzebriengen. Och hei ass den Objektiv, nach méi ze harmoniséieren an nach méi ze vereinfachen.

De Statsrot war natierlech och mat deenen zwee Projeten d'accord. En huet just d'Fro gestallt, firwat et 14 Joer gedauert huet bei deem engen. Mä mir hunn awer an der Kommissioun doriwwer geschwat an d'Ur-saachen erkläert kritt. Et war e Problem mam Intitulé. Bei deem enge Projet stoung de Règlement d'exécution am Intitulé dran, bei deem aneren net. De Statsrot huet eis recommandéiert, bei deenen zwee en dranzeschreiwen. D'Kommissioun huet dat och esou gemaach. Ech ginn heimat dann emol den Accord vun eiser Fraktioun fir déi zwee éischt Projeten.

Den 5930, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, do si mer och am Domän vun der Propriété intellectuelle, an do approuvéiere mer den Akt vu Genève vun engem Arrangement vu La Haye iwwert den Enregistrement vu Modellen an Zeechnungen. Zeechnunge sinn zweedimensional Figuren; Modelle sinn dräidimensional Figuren. Déi falen ënnert den Droit vun der Propriété industrielle, awer och ënnert den Droit d'auteur. Déi profitéieren also vun enger duebeler Protektioun.

Iwwert déi verschidde Systemer, dat kënn Der alles noliessen - do gëtt et och verschidde Systemer - am schrëftleche Rapport.

Den Objektiv - mä leschte Saz -...

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- ... ass d'Simplifikatioun...

► **Une voix.**- De Marc ass dee Beschten.

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- ... vum Arrangement vu La Haye, déi soll bäibehale ginn an deem Akt vu Genève, an et

soll nach méi attraktiv a méi einfach fir d'Déposant gemaach ginn. Och hei gëtt de Statsrot säin Accord. En huet déi nämlechte Remarque gemaach mam Règlement d'exécution. Mir hunn dat och esou ugehall. Ech géif lech och proposéieren, esou wéi meng Fraktioun dat wäert maachen, deem Projet den Accord ze ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech géif dem Här Angel Merci soen. Wéi mir dat vun him gewinnt sinn, war hie wéi ëmmer äusserst komplett an detailléiert. Duerfir verspiert och heibanne kee méi de Besoin, fir nach iergendwéi eppes zu deenen dräi Projeten ze soen. De Minister och net. Sou dass mer direkt zum Vote vun deene Projete kommen.

Mir fänken u mat der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5928.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

► **Plusieurs voix.**- Dee geet net.

(**Brouhaha**)

► **M. le Président.**- Tja?

► **Une voix.**- Et ass jo constitutionnel.

► **Une autre voix.**- Neen.

► **La première voix.**- Dach.

► **Une autre voix.**- Ah sou?

► **M. le Président.**- Ah! Et gëtt keng Procuratioun hei.

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **M. le Président.**- Voilà! Et gëtt keng Procuratioun, well et ass eng Ratifikatioun vun engem Traité. Duerfir ass de Vote dann elo ofgeschloss, an d'Resultat ass kloer. Et hunn nämlech 47 Kolleeginnen a Kolleeg fir dee Projet gestëmmt a keen dergéint. Domadder ass de Projet de loi 5928 ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber et Raymond Weydert;*

*M. Marc Angel, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Roger Negri et Ben Scheuer;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Domat ass dat esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Vote iwwert de Projet de loi 5929.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un, ouni Vote par procuration.

► **Une voix.**- Mat.

► **M. le Président.**- Ah, hei ass et erëm mat. De Vote par procuration.

(**Brouhaha**)

De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5929 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

## Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg





Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Christine Doerner), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall’Agnol), Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Jean Huss), Camille Gira (par Mme Viviane

Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5930. Hei ass de Vote par procuration net erlaabt.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d’éischt déi perséinlech Stëmmen. Wéi gesot, et gëtt kee Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5930 ass ugeholl mat 47 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Mill Majerus, Mme Martine Mergen,

MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber et Raymond Weydert;

M. Marc Angel, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Roger Negri et Ben Scheuer;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser.

10. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech just vläicht wëlle soen, datt mer muer de Mëtteg um hallwer dräi ufänke mat der Motioun vun der Madame Loschetter. Déi gëtt also direkt um hallwer dräi diskutéiert. D’Ministesch ass dee Moment och hei, fir dozou Positioun ze huelen. An duerno

huele mer déi Question urgente vum Här Hoffmann iwwer Villeroy&Boch.

11. 5930 - Projet de loi portant approbation de l’Acte de Genève de l’Arrangement de La Haye concernant l’enregistrement international des dessins et modèles industriels, adopté à Genève, le 2 juillet 1999, ainsi que de son règlement d’exécution prévu à son article 24

► M. le Président.- Ech hunn hei och nach d’Dispens vergiess. Sidd Der mat der Dispens vum zweete Vote constitutionnel d’accord?

(Assentiment)

Jo.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. An d’Chamber kënt muer um hallwer dräi nees zesummen.

D’Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.56 heures)

Sommaire des séances publiques Nos 1, 2 et 3

Clôture de la 2 <sup>e</sup> session extraordinaire 2009 et ouverture de la session ordinaire 2009-2010	page 1
Composition des organes de la Chambre des Députés	page 1
Octroi du titre honorifique de leur fonction à d’anciens députés	page 1
Retraits du rôle des affaires de la Chambre des Députés	pages 1-3
Discours de M. le Président	pages 3-4
Ordre du jour	pages 4-5
Heure d’actualité demandée par le groupe LSAP sur le sommet du G20 à Pittsburgh	pages 5-8
5980 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Moldavie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d’impôts sur le revenu et la fortune et du Protocole y relatif, signés à Chisinau, le 11 juillet 2007 et	
5992 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Géorgie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d’impôts sur le revenu et sur la fortune, ainsi que du Protocole y relatif, signé à Luxembourg le 15 octobre 2007	pages 8-9
Communications	pages 9-10
Question urgente N°161 de M. Eugène Berger relative à «Belval Plaza»	pages 10-11
Débat d’orientation sur les problèmes actuels et les perspectives d’avenir du secteur agricole	pages 11-18
5865 - Projet de loi portant approbation de l’Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Démocratique Populaire Lao dans les domaines de la culture, de l’enseignement supérieur et de la recherche, signé à Vientiane, le 16 octobre 2007	pages 18-19
	page 21
5588 - Projet de loi portant	
1. réglementation de quelques méthodes particulières de recherche	
2. modification de certaines dispositions du Code pénal et du Code d’instruction criminelle (Second vote constitutionnel)	page 19
	page 22
Question avec débat N°1 de M. Jean Colombera au sujet de la Campagne nationale de vaccination contre le virus de la grippe porcine type A/H1N1	pages 19-21
5846 - Projet de loi sur la mise à disposition par les communes de main-d’œuvre aux sociétés de droit privé opérant dans le domaine de l’électricité et du gaz	pages 22-29
5721 - Projet de loi portant approbation de l’Acte final de la Conférence internationale et de la décision de la Conférence sur la Charte de l’Énergie relative à l’amendement des dispositions commerciales du Traité sur la Charte de l’Énergie, adoptés à Bruxelles, les 23 et 24 avril 1998	page 29
Communications	page 30
Ordre du jour	pages 30-31
Dépôt d’une motion et d’une résolution par Mme Viviane Loschetter	page 31
Heure de questions au Gouvernement	

- Question N°1 du 27 octobre 2009 de M. Gilles Roth relative à l’offre d’échange d’actions de la société Luxgaz Distribution contre des actions de la société Creos S.A., adressée à M. le Ministre de l’Économie et du Commerce extérieur

- Question N°2 du 27 octobre 2009 de M. Claude Meisch relative au contrôle du système des chèques-services, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l’Intégration

- Question N°3 du 27 octobre 2009 de Mme Lydie Err relative aux moyens de promotion de la participation égale des femmes et des hommes à la prise de décision politique, adressée à Mme la Ministre de l’Égalité des Chances	page 32
- Question N°4 du 26 octobre 2009 de M. Claude Adam relative aux élections des représentants des parents d’élèves à l’école et du rôle à jouer par ces représentants, adressée à Mme la Ministre de l’Éducation nationale et de la Formation professionnelle	page 32
- Question N°5 du 27 octobre 2009 de Mme Martine Mergen relative à un album illustré destiné aux enfants de deux ans et édité par le Ministère de l’Éducation nationale dans le cadre de la 2e édition de la campagne «Raconte-moi», adressée à Mme la Ministre de l’Éducation nationale et de la Formation professionnelle et à M. le Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale	pages 32-33
- Question N°6 du 27 octobre 2009 de M. Gast Gibéryen relative au portail Santé/CRP Santé, adressée à M. le Ministre de la Santé	page 33
- Question N°7 du 27 octobre 2009 de M. Claude Haagen relative aux résultats obtenus grâce aux primes «CARE» et «CARE plus» ainsi que sur la reconduction éventuelle de ces dernières au-delà de l’échéance du 31 décembre 2009, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	page 33
- Question N°8 du 26 octobre 2009 de M. Fernand Etgen relative au service de garde et de remplacement en médecine dentaire, adressée à M. le Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale	pages 33-34
- Question N°9 du 27 octobre 2009 de Mme Lydie Err relative aux nouvelles règles régissant l’utilisation du Novabus, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures	page 34
- Question N°10 du 27 octobre 2009 de M. Henri Kox relative à l’état d’avancement des travaux d’aménagement du parc logistique sur le site WSA-Bettembourg/Dudelange, adressée à M. le Ministre de l’Économie et du Commerce extérieur	pages 34-35
- Question N°11 du 27 octobre 2009 de M. Claude Meisch relative à la répercussion de l’augmentation du prix de l’eau sur l’inflation, adressée à M. le Ministre de l’Économie et du Commerce extérieur	page 35
Ordre du jour	page 35

6068 - Projet de loi

- concernant certaines mesures temporaires visant à atténuer les effets de la crise économique sur l’emploi des jeunes
- modifiant certaines dispositions du Code du Travail

5856 - Projet de loi a) relatif à l’hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux, b) modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l’Inspection générale de la Police et c) modifiant l’article 73 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

Questions urgentes N°208 de M. Xavier Bettel et N°215 de M. Jean Colombera relatives à la campagne d’information sur les risques de la vaccination contre la grippe A (H1N1)

5928 - Projet de loi portant approbation du Traité de Singapour sur le droit des marques, fait à Singapour, le 28 mars 2006, ainsi que de son règlement d’exécution prévu à son article 22;

5929 - Projet de loi portant approbation du Traité sur le droit des marques, fait à Genève, le 27 octobre 1994, ainsi que de son règlement d’exécution prévu à son article 17

et

5930 - Projet de loi portant approbation de l’Acte de Genève de l’Arrangement de La Haye concernant l’enregistrement international des dessins et modèles industriels, adopté à Genève, le 2 juillet 1999, ainsi que de son règlement d’exécution prévu à son article 24

Ordre du jour